



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 18. Dezember 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister, un d'Madamm Minister fir nohalteg Entwécklung an un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

D'Weltausstellung zu Dubai ass ee Joer no hanne verluecht ginn. Um Internet ass Lëtzebuerg awer scho present. En Interview vum 15.12.2020 mam Gast Waltzing um Radio 100,7 iwwert d'Weltausstellung zu Dubai huet den Titel "Si mir net gutt genuch?" Als Introduktioun steet op der Internetsäit vum Radio 100,7: *"Si mir net gutt genuch?" Dës Fro stellt sech de Komponist an Dirigent Gast Waltzing am Kader vum Lëtzebuerger Pavillon fir d'Expo 2020 zu Dubai. Gefëllt gëtt dee mat Kläng vum Berliner Kollektiv Kling Klang Klong. An deem Kader hätt ech e puer Froen un déi zoustänneg Ministeren:*

1. Den Internetsite <http://www.luxembourgexpo2020dubai.lu> ass op Franséisch an Englesch. Firwat si grad dës Sproochen erausgesicht ginn an keng aner?
2. Ass de Minister net der Meenung, datt ee kéint am Kontext vun enger Weltausstellung, wou Lëtzebuerg sech virun der Welt virstellt, grad d'Eegenaarte vun eisem Land duerstellen, hei an dësem Fall engersäits eis Lëtzebuerger Sprooch, an anerersäits de Fakt, datt mir e Land mat enger Nationalsprooch awer dräi Amtssprooche sinn?
3. Ass et virgesinn, de Site och op Lëtzebuergesch an Däitsch an eventuell aner Sproochen ze verëffentlechen?
4. Wéi wäert Lëtzebuerg seng Joerhonnerten al Geschicht am Pavillon zu Dubai virstellen?
5. Wat fir eng Roll wäert déi groussherzoglech Famill an der Duerstellung vun eisem Land zu Dubai spillen? Wéi gëtt si am Pavillon duergestallt?
6. Wéi wäert Lëtzebuerg seng typesch lëtzebuergesch Kultur zu Dubai virstellen?
7. Wéi en Stelwäert wäert eisen typesche Miseler Wäin op der Weltausstellung zu Dubai spillen? Wéi kënnen eis Wënzer dovu profitéieren?
8. Wéi en Stelwäert, wéi eng Plaz am Pavillon, an wéi eng Plaz op der Dubai-Internetsäit vu Lëtzebuerg ass virgesi fir d'Kultur, an dat am Verglach zur Wirtschaft?
9. Op der Internetsäit sinn de Wirtschaftsministère an de Ministère fir nohalteg Entwécklung an Infrastruktur als Partner vermierkt. Wéi eng Roll spillt de Kulturministère fir d'Weltausstellung?

10. Wien huet déi wirtschaftlech Interessengemeinschaft (GIE), déi sech em de Projet këmmert, zesummegehallt? Firwat ass do keng Persoun aus dem Kulturberäich vertraueden?

Wat elo méi speziell d’Kritik ugeet, déi am Interview mam Gast Waltzing ukléngt:

11. Ënnert dem Titel “So who is Luxembourg?” liest et sech op der Internetsäit, wéi wa Lëtzebuerg en Land wier dat haaptsächlech vun externen Aflëss leeft. Kee Wuert iwwer eis Eegenarten, eis Dynastie, eis kathoulesch an weltlech Traditiounen an Ritualer, eis Nationalsprooch, d’Konscht a Literatur an eis Geschicht, also ganz wéineg iwwert eis Kultur, déi et trotz friemen Aflëss behalen huet. Wär net och bei der Gestaltung vun der Internet-Säit den Apport vum Kulturministère wichteg gewiescht?
12. Lëtzebuerg gëtt zu Dubai am Pavillon musikaesch vertrauede vun engem Berliner Kollektiv, an net duerch Lëtzebuerger Komponisten. Sinn d’Ministeren der Meenung, datt déi Lëtzebuerger Komponisten net gutt genuch sinn?
13. Wier et net méi logesch an och éierlech, op enger Weltausstellung, wou d’Land sech als Natioun soll virstellen, och op national Komponisten zeréckzegräifen? Och fir eis Kulturschafend domat ze ënnerstëtzen?
14. Wéi en Budget ass virgesi fir deen dote musikaleschen Optrag?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten